

Syndicat National de la Police Grand-Ducale Luxembourg a.s.b.l.



- affilié au Syndicat Professionnel de la Force Publique
- affilié à la C.G.F.P.
- affilié à l'EuroCOP
- R.C.S. Luxembourg F988

Adresse retour :

Secrétariat du SNPGL
L-2957 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 03 Abrëll 2019

Pressecommuniqué

D'CGFP hat eng Entrevue beim Minister vun der bannenzegster Sécherheet ugefrot, fir iwwer d'Problemer an der Police, besonnesch am Zesammenhang mat der Aarbechtszäitregelung ze diskutéieren.

Haut de Moien huet des Reunion téschent dem Minister, Verrieder vum Ministère vun der öffentlecher Funktioun, der Generaldirektioun vun der Police, der CGFP, an de Personaldelegatiounen vun der Police stattfonnt.

Déi kritesch Punkte sinn an där Reunion beliicht ginn, an et gouf ee breede Konsens, datt d'Gesetz sou séier wéi méiglech muss ugepasst ginn. Anzwësche soll sech iwwer Accorden téschent de Sozialpartner déi Flexibilitéit geholl ginn, déi d'Directive 2003/88/CE iwwer verschidden Aspekter vun der Aarbechtszäitregelung erméiglecht.

Trotz deels schwierige Momenter an der Reunion sinn eng Rei konstruktiv Moosname virgeschloe ginn, déi elo am Detail vu Säite vum Ministère festgehalten, an alle Bedeelegte bis den 18. Abrëll 2019 zoukomme gelooss solle ginn. D'Zil soll sinn, déi genannten Accorden téschent de Sozialpartner bis Enn des Mounts ënnerschreiwen ze kënnen.

Den SNPGL ass säit Méinte bestriift en Auswee ze fannen, fir déi bestoend Problemer, a bedeelegt sech am Interêt vu senge Membere weider un deene Verhandlungen. Bis zur Ënnerschrëft vun den Accorden gëllen aus eiser Siicht eenzeg an aleng d'Regele vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwer d'Aféierung vun engem Zäitspuerkont an der öffentlecher Funktioun.

De Conseil d'administration vum SNPGL